GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 12/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 10.10.2024**

Lieu de réunion : Op Fréinen **à 19.00 H**
Début de la réunion : 19:00 H
Invitée : **Monique Leffin**
**Raphaël Schmitz**

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 17.09.2024
2. Begréissung neien Member an der Kommissioun
3. Energiekarawan
4. Dag vum Bam – Inventaire Gemenge Bongerten
5. Grouss Botz 2025 – Eckpunkten / Schoule mat intégréiren
6. Dossier, Recycling / Ressources – Déchets- Taxen- Sensibilisatioun
7. Poubellen Sprech
8. Divers

## ***1. Rapport Reunioun 17.09.2024***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 17.09.2024 ass ugeholl ginn, no Ännerung dat den Herr Martin SCHMIT net beim Klima Bündnis ass, mee Klima Agence.

## 2. Begréissung neie Member an der Kommissioun

D’Nora ass als nei Sécrétairin begréisst ginn.

## 3. Energiekarawan

D’Melanie an d’Sarah hu schon en Deel gemaach. An si maachen nach d’Wuermer Strooss, ab dem Caffee Op der Gare. Leit ware super intresséiert, verschidde Leit haten de Flyer nach, a wollten och kucke fir eppes ze maachen. Verschidde Leit hu schonn ënnerschriwen, anerer hunn sech et du moins mol ugekuckt.

D’Jessy an de Jean mussen hiren Tour nach maachen (rue de la gare an route d’echternach), de Laurent an de Philippe och.

Bis de 15ten November musse mer fäerdeg sin. Dat war usech d’Période déi de Leit kommunizéiert gouf.

Zueleméisseg lo keen Objektiv gesat (Betzder a Stroossen eng 15, 16 déi sech gemellt hun).
De Point gëtt da gemaach wa mer fäerdeg sinn.

## 4. Dag vum Bam – Inventaire Gemenge Bongerten

Datum: 23ten November 2024, um 10.00. **An de Bréif flaicht schreiwen si kéinten Händchen mathuelen.**
Et gëtt also lo eppes ze planze wat op Basis vun de leschten Erkenntnisser mei resistent ass par Rapport zu de changement climatiques. Beem déi laang liewe kennen, mee déi och wichteg sinn fir d’Bestëpser[1].
Di futtis Beem gi rausgeholl, di nei sollen op optimal Platze gesat gin.

Et gin 3 Beem, (op Loupescht gi se geplanzt). Mam Fieschter ass du gekuckt gin wou se geplanzt gin, an wéi se geplanzt gin, an dat och di nai Aménagementer vun der Spillplaz do passen, an dass d’Beem “net hënenren”.

3 Beem:

[1] GALK Strassenbaumliste: dei Testen Beem (Strassenbauämter) an di lescht gett periodesch aktualiséiert an do stin dann och propriétéiten vun de Beem.

(i) Amerikanesch Äsch (seit 2015 am Test, sin robust, relativ nai an kenne dem Klima trotzen, an e brauch net fill Waasser, mat dräibock rondrem)

Commande muss relativ séier gemaach gin.

Plaquette fir de Bam firzestellen, an dat och wan d'Lait do sin e Mini Exposé ze man iwert de Bam. Jessy géif deen Exposé man. Et misst een den Exposé och iwwersetzen op Franséisch (Nora) an op Englesch (Melanie).

Hannen kommen der 2, an dann nach ee lanscht Sait wou e futtis'e Bam lo steht. Das wait genuch weg fir dat et och net di nei aménagéiert Spillplaz stéiert.

**<u>EVENT</u>**:

- Mir sin spéitstens um 9.00 do
- Kaffiskichelcher an Schocki, an Gedrenks (wasser, beier, soft)
- Gärtnerekipp muss mat e puer Lait do sin
- Straicher fir mat heem ze gin, Kréischelen (Klimaresistent sorte- mist de Wahl oder de Becker hun, Jessy kukt dat no)
- Zelt (6x4) op de Parking Loupescht, da misst een de Parking späre lossen vu Freides owes schon un. Loupescht misst een d'Toiletten dann accessibel opman.

D'Beem schon asetzen mat de Péil ouni das Leit dobei sin, an dass se dann um Daag agewait gin an dono den Atelier

**ATELIER:** Dëppercher, déi sech am buedem zersetzen (Torf) wou de Buedem dran ass an dan setzen d'Eltren / Kanner di kleng Planzen an Deppchen. An dann henke se en Scheldchen mat der Erklärung mat Schnouer un de Bam. Beim service comm nofroen well si kennen et mat dem vectoriséierte Logo printen.

**Jessy** freet beim Wahl wat si empfehlen aus Deppchen an wei grouss di kleng Planze sin. Fir de Buedem gëtt den Anthony gefrot, amn fir Scheldecher gëtt de service comm gefrot.

Bréif muss nach besse gëannert an ugepasst gin , mat Plang dobei.

Material:
- 2 Zelter
- Beierbänken
- Stroum
- Gedrenks
- Kaffiskichelcher beim Jos a Jean-Marie (Faitrade)
- Schocki an sou aus dem Alavita

SIAS ass contactéiert gin, Jean rift dem Doris Bauer un fir d'Konzept z'erklären, an dat mir d'Beem och bestellen.

Fir di next Joeren kann een och kuken den Daag vum Baam dann an den Aklang ze brengen mat deenen naie greissere Projet and er Gemeng.

## ***5. Grouss Botz 2025- Eckpunkten / Schoule mat intégréiren***

**15te März 2025**

Mir kuken fir d'Schoul sensibiliséiren dat d'Kanner dann hir Eltren iwerzeegen fir mat ze machen.

Et kéint een dat ganzt da verbannen éventuell mat der Présentatioun vun de beschte Sprech fir Poubellen dei dann géfien op der grousser Botz verkündet gin.

Den Tour deen d'Lait offréiert kréien, das een do e Choix mecht vun Touren, pro Uertschafft.

Och Plaatzen wou d'Poubellestuuten ofgestallt gin dat dei kloer definéiert gin.
Mat de Pincen dat ass mam Joel ofegeschwat, an do gin dann eng 150 Pincen gefrot.

Muss een u méi Iessen denken, zumols niveau Brout.

## ***6. Dossier, Recycling / Ressources – Déchets – Taxen-Sensibilisation***

Nait Tax Reglement ass gestemmt gin, mam Avis vun der Kommissioun fir 26 Levée'en am Joër.

Ab 1.1.2024, kent de Camion all Woch (20% mei um Prais) mee just 26 Levée'en, fixen Tarif.

Wans de mei oft rausstells, kascht et mei. Och de Wiessel vun der Poubelle kascht, ausser se ass beschiedegt.

Infocampagne muss lo relativ séier goen, wou erklärt gëtt firwa dat do lo gemach gin ass. Dat muss flott grafesch duergestallt gin an wei machen ech fir manner Ooffall ze hun.

Info réunioun: Eventuell Superdreckskëscht froen (cf intelligent poubellen) Kierwercher gi jo och ersat.

D'Menagen di misste scho perseinlech ugeschriwen gin well d'Praisser awer wirklech mei daier gin.

## ***7. Poubellen Sprech***

Cycle 3 an 4.

Di Sprech di vun der Kommissioun gesicht gi waren dass dei mol ragigin, mee et as méi flott wann et mei Partizipativ ass.

Keint een am Januar am Mag eppes inséréiren fir das d'Lait Spréch raginn.

## ***8. Divers***

Idée: workshop 'Suite Fresque du Climat' – Melanie schaft hei eng propose aus.

Froen fir Pläng ze kréien fir den Aménagement vun de gréng Flächen bei der naier Maison Relais fir eventuell en avis ze man, an Zukunft dann fir all gréissere Projet.

Umierkung: Lënster Maart, d'entrees Kolonn war mat enger Zort Deko "Efeu" bestéckt, an du si fill vun deene Plastiksblummen dono op de Buedem gefall. Cf Green event, do muss dann awer och op der Deko opgepasst gin.

Par rapport zu den Inventairen vun de Bongerten : Et wees och kee méi wou wat steet, dass fill geplanzt ginn an d'huet kee méi den Iwwerbléck, do mist wirklech en Inventaire opgestallt gëtt. Dat kann och zesummen mam den Naturpakt Team gemat ginn, respektiv hei de SIAS mat abannen niewent eiser Gärtner Équipe. Wann ee weess wei eng Beem futti sinn dat de SIAS kann den Ennerhalt man oder d'Beem ersetzen an dat si dan och regelméisseg den Ënnerhalt man. Zilsetzung hei muss sinn dës Bongerten eise Bierger accessibel ze maachen.

Eis nächst Reunioun ass en Mettwoch, den 30.10.2024 um 19.00 an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

| | |
|---|---|
| Nora Dupont<br>Sekretärin | Boden Jean<br>President |